N°2914
Entrée le 09.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2914 du 22 septembre 2025 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Démontage des installations en plexiglas dans les bureaux de l'ADEM ».**

**Fro N°1: Firwat huet eng Diskriminatiounsfeststellung vum CET keng Konsequenzen innerhalb vun enger ëffentlecher Institutioun no sech gezunn?**

Souwuel den Aarbechtsministère, ewéi och d'ADEM kënnen d'Diskriminatiounsfeststellung vum CET an dëser konkreter Situatioun net deelen.

Den Aarbechtsministère an d'ADEM deelen awer absolut d'Suerg vum CET ëm d'Fërderung vun enger net-diskriminéierender Gesellschaft. Den Aarbechtsministère an d'ADEM huelen dëse Sujet ganz eescht a schaffen dagdeeglech un der Inklusioun vun all de Leit, ouni Diskriminatioun, ënnerhalb vun der ADEM an an d'Aarbechtswelt am Allgemengen.

**Fro N°2: Firwat sinn déi schützend Plexiglas-Virriichtungen net nees opgestallt ginn, trotz der Diskriminatiounsfeststellung?**

Dës Panneauen, souwéi eng Rei aner Mesurë wéi d'Droe vun der Mask, d'Begrenzung vun der Zuel vu Persoune pro Raum, d'obligatorescht Virweise vun Tester, asw., goufen am Kader vun der Covid-19-Pandemie installéiert, a Konformitéit mat den Empfeelunge vun der Direktioun vun der Santé.

D'ADEM huet dës Empfeelunge gewëssenhaft ëmgesat, fir hir Mataarbechter a Clientë sou gutt wéi méiglech ze schützen.

Déi aktuell Situatioun ass awer eng ganz aner. Et gëtt de Moment keng speziell Bedrohung fir d'ëffentlech Gesondheet an eisem Land; et ass also ganz normal, dass déi speziell Mesuren am Zesummenhang mam Covid-19 opgehuewe ginn an d'Panneauen net nees opgestallt gi sinn.

**Fro N°3: Firwat sinn d'Interventioune vum CET anscheinend vun de verantwortlechen Autoritéiten ignoréiert ginn?**

Wéi schon erwähnt, besteet de Moment keng spezifesch Gefor fir d'ëffentlech Gesondheet an eisem Land, an dofir ass et och ganz normal, dass déi speziell Moossnamen am Zesummenhang mam Covid-19 ofgeschaaft goufen. Dat ass bei allen Ministèren an Administratiounen an och an der ganzer Gesellschaft de Fall.

Wat speziell d'Plexiglas-Panneauen ugeet, d'nämmlecht wéi och bei anere Verwaltungen, goufen si ewechgeholl, fir erëm en direkte Kontakt tëscht de Clienten an hire Beroder ze erlaben — e Kontakt, deen

der ADEM ganz wichteg schéngt, well et hei ëm eng Vertrauensrelatioun geet an net nëmmen ëm eng administrativ Prozedur.

Dat hat d'ADEM esou och dem CET am September 2024 matgedeelt.

**<u>Fro N°4:</u> Wéi eng Mechanisme sinn en place, fir ze garantéieren, datt ëffentlech Institutiounen sech un Decisioune vum CET halen - a wéi eng Konsequenzen existéieren, wann se dat net maachen?**

De CET ënnersteet der Chamber an net engem Ministère. D'Net-Ëmsetzung vu Recommandatioune vum CET zéie keng direkt Konsequenze matt sech. Et sinn och aktuell keng Mekanismen virgesinn, weder administrativer nach rechtlecher Natur.

**<u>Fro N°5:</u> Wéi eng konkret Moossname gedenkt de Minister ze huelen, fir dës Situatioun ze korrigéieren an ze garantéieren, datt de gesetzleche Schutz vu vulnerabele Leit, besonnesch deene mat Behënnerungen oder chronesche Krankheeten, respektéiert gëtt?**

Wat d'ADEM-Mataarbechter ugeet, déi e besonnesche Risiko fir eng Ustiechung hunn (dëst bezitt sech net nëmmen op Persoune mat engem Handicap-Statut) an déi en direkte Kontakt mat de Clienten hunn, erlaabt d'ADEM selbstverständlech d'Droe vun FFP2-Masken, déi sie an deem Fall och gratis zur Verfügung stellt. Wann dës Moossnam net méiglech oder net akzeptéiert ass, bitt d'ADEM am leschte Schrëtt eng Ännerung vun der Affektatioun vum Agent an eng Funktioun ouni Clientskontakt un.

Luxembourg, le 8 octobre 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**